

Eis Sprooch am/als Beruff

Natierlech „geet dat äis“ net, wann **zevill liichtfankeg Ausdréck vun anere Sproochen an d'Lëtzebuergesch eragebrätscht** ginn ... also, Wierder, Ausdréck an esouguer ganz Sätz, déi mir guer net brauchen. Dat huet glat net domat ze dinn, datt ee géint d'Däitscht, d'Franséisch oder soss eng Sprooch wier; leider kritt een dat ower dohinner gehäit, wann een de Mond doriwwer opdeet oder eng Schreif an de Grapp hält. Et dréint sech ëm dee Muttwëll, deen do gedriewe gëtt; **e Problem, deen et iwwregens och fir aner Sprooche gëtt** (Denglisch, Franglais asw.).

Déi grouss Sproochen – all Sprooche sinn „Idiomen“ – hunn ower ganz aner Mëttele fir sech géint dee „**Muttwëll-Scharriwarri**“ op hirem Gebitt ze stäipen. Iwwerleet emol, wéivill Milliounen Säite Press a Literatur et am Franséischen oder Däitschen ze soen „all gudder Brouddag“ gëtt ... ëmfrot iech, wéi **d'Conditione fir TV-Leit sinn, déi anerwärts op de Schiirm oder vrun de Micro gelooss ginn**. Wien do säin Däitsch, Franséisch oder Englesch net „kiddelféx“ am Grëff huet, dee kritt keng Chance! Oder muss trëppelen.

Et ass een net richteg esou kéng, fir do iwwer eis Sprooch-Verhältnissen „riichteraus“ ze ginn; direkt kritt dir dohinner gebass, et giff een de Leit un de „Broutkuerf“ goen. D'Fro ass ower vläicht erlaabt, wien de „Sproochladien“ de Broutkuerf da just op esou eng Plaz gesat huet; **wien dofir – oder net! – gesuergt huet, datt net nëmmen e schéint oder „rappegt“ Gesiicht zielt, vläicht och nach e gutt „Mondstéck“ oder eng zerguttstert „Microstëmm“**. Wie professionell an engem Press-Medium schafft, wou d'Lëtzebuergesch nun emol d'Handwierskgeschier ass, dee muss dat an der Schwätz grad ewéi an der Schreif hunn ... oder léieren, basta! **Et gëtt jo och keen an der gedréckter Press agestallt – oder gehal – deen net ëmstand ass, en Artikel op éierbart Däitsch, Franséisch oder esouguer Englesch ze schreiwen** ... dat ass dach esou kloer, datt et ewell rëm bal schwéier verständlech klénkt.

All Respekt virun akademesche Studien am Fach „Communicatioun“, mä do bleiwe fir eng Carrière an der lëtzebuergescher Press dach eng Partie Froen op, an zwar net nëmmen deer iwwer eis Sprooch: Souwäit ee weess, gëtt zu Bréissel, München, Stroosbuerg, Paräis oder London net duerno gekuckt, op ee seng „Kusch“ mat sengem Diplom zu Lëtzebuerg verdénge wëllt, dat weder historiesch, politesch, geographesch, soziologesch nach ... sproochlech! Mä da misst dat ower op d'mannst iwwer **eng Zort spezielle „Stage“ op eiser Uni oder dem „INL“** geschéien. Mir verlaangen, mat Recht, eng Portioun Wëssen iwwer eist Land, seng Geschicht, seng Kultur, d'politesch Verhältnesser, Zesummenhäng an Entwécklung am 19. an 20. Joerhonnert vun de Leit, déi wëlle Lëtzebuerg ginn. Mat der Communicatiounstechnik geet et nun emol op kee Fall duer, och wann den Diplom nach esou grouss an dichteg ass. Mir erlaben äis emol e kleng Verglach tëscht deene jonke Leit, déi wëllen an den Enseignement goen an deenen, déi d'Press als Beruff wielen ... ass et do mat Concours a Stage-Prinzip oder mat prakteschen Examen an Ofschlossaarbechten?! Dat alles wëllt heeschen, datt et natierlech net nëmmen ëm eis Sprooch um Gebitt vun der Press, vrun allem deer „geschwatener“ geet. Do ginn nach vill Initiative gebraucht ... virun allem politesch couragéiert Leit, déi net fäerten, „op d'Schëpp“ geholl oder op soss eng Manéier vun de Presse-Leit an de Mixer geholl ze ginn.

Léiwe Butz!

Deer Ausdréck een, dee mir jidderengem dohinnerhale kënnen, dee behaupt, d'Lëtzebuerg hätt „jo mol“ **keng Schwätz fir „je t'aime – I love you – ich liebe dich“**. D'Madame Liliane Lauterbour hat no deer leschter „Klack“ drun erënnert, datt mir ausser „**ech hunn dech gär**“ och nach „**ech si frou mat dir**“ hunn. Richteg a merci!


Gitt um selwechte Gebitt emol an anere Sproochen no all deene **léiwe Wierder** sichen, déi d'Lëtzebuergesch opweises huet: **Butzi – Wutzi – Mautsi – Kënni – Schnucki – Stippi – Stuppes – Modi – Schowi** ... Mä mir hu fir just dat Ëmgedréint ower och eng Maandel voll **deer „décker“ Wierder: Topert – Bëlles – Knaschert – Dräibiz – Trëllert – Klautjen – Fatzert/Fatzbeidel** ... do musen esouguer déi héich „kultivéiert“ Fransouse passen, deene jo (bis un d'Spëtz vun hirer Gesellschaft!) bal soss näischt afält, wéi sech mat Geschlechtselementer ze zermeeschteren. Iwwersetzt déi emol all Kéier richtewech op Lëtzebuergesch ... an dann ☺

45 Joer!

Et kënt ee mengen, dat wier eréischt gësch gewiescht, wéi mir äis zu enger gudder Dose Leit am „Fortuna-Gebäi“ fonnt hunn, fir „eppes“ fir eis Sprooch ze maachen ... dat sinn elo 45 Joer hier, **exakt de 17. Febuar 1971**. Deer Sprooch – mat deer d'Lëtzebuerg 1941 den Nazi-Fatzbeidelen de Kapp gewisen haten – ass souzesoen den Otem ausgang; hir allgemeng Roll war e Statistenzoustand; et gong äis erëm gutt an ëmmer besser; der Sprooch ... genee de Contraire!

D'Arbechte fir den „offiziellen“ Dictionnaire ware fäerdeg; et hunn e puer ganz ra-

vum Lex Roth



(Zeechnung: O. Jaminon)

rer Schriewerten en etlech Gedichter geschriwwen (déi knapps een ze liese krut); **et kënt ee bal soen, d'Lëtzebuergesch wier zu engem méi oder wéiniger folkloristesche Witz verkomm gewiescht**. Djee, et war ganz einfach schappeg, an d'Käerchen ass schéi gemitterlech, lues mä sécher ... biergof gejuppelt ... an eng Wüst. Wat vun do bis haut fir eis Sprooch, rondrëm si an och am Lëtzebuergesche geschitt ass, dat war fir deemools ganz einfach eng Fata morgana. Mir hunn dee „mirage“ erugezunn, op x-Manéieren a Plazen an eng Wierklechkeet gesat. D'Resultat: wonnerschëin, och wann nach villes ze maache bleift.

Aus der Grëndungsversammlung vun 1971 liewen nach zwéin Idealisten. All deenen anere si „mir zwéin“, grad wéi eise „kéipweise“ Membren, e waarme Merci schëlleg!

Firwat ...

... solle mir engem Veräin „**bäitrieden**“, wa mir einfach kënnen „dragoen“?
... gi mir Stroosse **franséisch Blummennimm**? Mir hunn der fir s'alleguer.
... stelle mir äis esou vill **Froen iwwer eis Schreifweis** ... a keng iwwer anerer?
... kann et zweeërlee „**Bëllessen**“ am Stot ginn?
... gi keng Strëmp méi „**ertstëmpt**“?, ower nach Zigrestestëmp ewechgehäit?
... gi mir eppes, ruffen a kommen „**zréck**“ ... **(e-)rëm** geng dach duer?
... menge mir „**Stëbsmaschinn**“ wier méi topeg wéi „Staubsauger“?
... „**wäsche**“ mir d'Zänn a „botzen“ se net ... oder **wäschen de Kapp**, an déi aner d'Hoer?
... versteet keen „doiwwer“, wat e **Krop/Kreepchen**, de Kropemann oder kropen ass?

Wa mir äis keng Froen iwwer eis Sprooch stellen ... ass si natierlech „aarm“!

Alt emol dru geduecht ...?

– datt mir kee „Sauerdeeg“ hunn? *Deessem* geet duer;
– datt eng „**Mull**“, eng „**Broutschéiss**“, eng *Kusch*, eng *Knaus/Bootsch* typesch „Eises“ sinn: „**kruppsegt**“, ower kee „knusperegt“ Lëtzebuergesch!
– datt eng *Pautsch*, eng *Ees*, eng *Knupp* net musse franséisch gedeef ginn;
– datt Planze bei äis net mat enger „**Géisskan**“ begoss, mä *mat enger Strenz genat* ginn;
– e *Knäip* dat lëtzebuergesch Stéck am Kichentirang ass;
– datt et *nammen, jicken, fruppsen, erafeieren a knaen* nëmme bei äis gëtt;
– datt keen „anere“ versteet, wat eng „**Druddel**“, eng „**Warrel**“, „**Wull**“ oder „**Knätzel**“ ass;
– datt e Bréitche aus **Broutdeeg** an e Kichelchen aus **Kuchdeeg** besteet;
– datt e „**Kramp/Krämpchen**“ net onbedéngt mam däitsche „**Krampf**“ ze dinn huet.

wat dann eis „**Knëppelsteng**“ an dee „**Glëtz**“ vum Däitschen ënnerscheet.

Probéiert dat alles emol an eng aner Sprooch sichen ze goen! Dat gëtt ... „Krämpes“.

Och eng Form vu Kultur

Mir sinn houfreg, datt mir **an eise Muséeën e Stack vu ganz intressante Biller a Skulpturen opweises hunn, déi vu Lëtzebuerg Kënschtler kommen**. Natierlech soll een do „Fouss bei Mol“ halen a keng Vergläicher maachen, wou si net passen. Ower gutt zwou Dosen eiser Artiste giffen och am Ausland guer keng schlecht Figur maachen; do ass jo ganz Villes (wann net dat Allermeescht) eng Fro vu „Management“, vrun allem vu „Kritiken“ a Galerien! **Datselwecht kann ee vun enger Zort „Klengkonscht“, dem Gebitt vun der Karikatur soen**. Mat deem néidege „Gemanegts“ hätt do z. B. en Albert Simon an Däitschland oder am Frankräich e grouse Wee gemaach – *d'Tageblatt* hat Recht, him e ganze Band vun senger Bicher fir d'honnert Joer vun der Zeitung ze reservéieren; e puermol am „Paris-Match“ ... a scho wier hien e „Star“ à la Dubout gewiescht. De Gab Weis, de Pe'l Schlechter, de Foes Deloos hätt sech och nach laang net iwwel do duergeschloen. An eiser Zäit bräichte Leit wéi de Roger Leiner (mat sengem Texter Luss Czuga), de „Karikatour-Mann“ Carlo Schneider oder de G. W. Stoons sech absolut net ze verstoppen; hei gëllt déiselwecht Iwwerleeung wéi just virdrun. **Wat wier iwwregens do vun engem Nic. Feider ze erzielen**, dee sech zesoen „hannerwands“ nieft sengem Arbed-Beruff als „Nukes“ an den 1980er-Joeren e flotten Numm am fréiere „Sonnesblat“ gemaach huet ... leider eng ganz butzeg Oplag! Seng spaasseg Karikaturen, grad wéi seng genëseg Witzgedichter waren ënner honnerten erëmmekennen ... den „Nukes“ giff 100 Prozent och mat an eng wëssenschaftlech Diplomaarbecht iwwer eis „**Klengkënschtler-Identitéit**“ gehéieren, déi eng Éiereplaz beim „Luxembourg-Branding“ kënt kréien. Ausser eiser Sprooch gëtt et nach esou vill Iddien, déi an deem Sënn drop waarde fir „opgeschafft“ ze ginn. Dofir an dëser Klack en „Nukesbild“!

